CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 JAN. 2016
1658

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bannenminister weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persoune gesäit am Prinzip fir, datt Lei, déi zu Lëtzebuerg den internationale Schutz ufroen („DPI") op de „kommunale Waardregëster" (Registre communal d'attente) ageschriwwe ginn.

Dëst Gesetz (Art. 27, Punkt f) bezitt sech allerdéngs ausdrécklech op dat modifizéiert Gesetz vum 5. Mee 2006 iwwert d'Asylrecht, méi präzis op d'Attestatioun déi do an den Artikele 6 an 62 virgesinn ass. Dat modifizéiert Gesetz vum 5. Mee 2006 iwwert d'Asylrecht ass awer duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert den internationale Schutz an den temporäre Schutz ersat ginn.

Weider gesäit d'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persoune vir, datt de kommunale Register als Basis geholl gëtt fir d'Walgesetz vum 18. Februar 2003, fir de Recensement a fir d'Festleeë vun der Zuel vun den Awunner.

Dëst ka besonnesch fir kléng Gemenge gréisser politesch Konsequenzen hunn, z.B. op de Walsystem (Proporz oder Majorz). Duerch d'Installatioun vun de sougenannte „Kontainerdierfer" kéinte Flüchtlingen (déi 5 Joer am Land sinn) och proportionell eng héich Zuel vun de Wieler stellen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Bannenminister dës Froe stellen:

A: Zum Waardregëster (registre communal d'attente)

1. *Mussen d'Flüchtlinge weider op de Waardregëster vun de Gemengen opgeholl ginn?*
2. *Wa jo, op wéi enger juristescher Basis?*
3. *Muss net virdrun d'Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persounen un d'Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert den internationale Schutz an den temporäre Schutz ugepasst ginn?*
4. *Wëllt d'Regierung e Projet deponéieren, fir dës Upassung virzehuelen, a wa jo wéini?*

B: Zu de Konsequenze vu Flüchtlingen op dem Waardregëster

1. *Kënne Persounen, déi den internationale Schutz ugefrot hunn, wann se déi aner Konditiounen erfëllen, un de Gemengewalen deelhuelen?*
2. *Ginn dës Flüchtlingen, och wann se de Statut als Flüchtling net unerkannt hunn, bei der Zuel vun der Populatioun berücksichtegt, z.B. bei der Repartitioun vun de Gemengefinanzen oder dem „Pacte logement"?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n° 1658 de Monsieur le député Fernand Kartheiser

Op déi vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser ugeschwate Froen am Kader vun der Aschreiwung vun den *"Demandeurs de Protection Internationale"* an d'Populatiounsregester kann ech folgend Äntwerte ginn:

A. Den Artikel 54 vum oofgeännerten Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vun den natierleche Persounen gesäit vir, dass Dispositiounen iwwer déi nei Populatiounsregester vun den Gemengen, dat heescht d' *registres communaux des personnes physiques* (RCPP), den 1. Abrëll 2016 a Kraaft trieden. Des sinn dann angedeelt an e *"registre principal"* an e *"registre d'attente"*.

Persounen, déi zu Lëtzebuerg den internationale Schutz ufroen, ginn dann op den *"registre d'attente"* ageschriwwen. Déi Läit bleiwen, während der Dauer vun der Prozedur an den *"registre d'attente"* ageschriwwen. Falls des Persounen spéider den Statut vum Réfugié kréien, ginn si an den *"registre principal"* ageschriwwen.

Wat Referenz op d' Gesetz vum 5. Mee 2006 iwwert d' Asylrecht, dat mëttlerweil duerch Gesetz vum 18 Dezember 2015 iwwert den internationale Schutz an den temporäre Schutz ersat ginn ass, ugeet, verweisen ech op den Avis n° 51.107 vum Staatsrot vum 19. Januar 2016 deen festhällt, dass, am Prinzip, all Referenzen op d'Bestemmungen vum Gesetz vum 5. Mai 2006, ze liesen sinn als Referenzen op d'Bestemmungen vum neien Gesetz vum 18. Dezember 2015. Den Staatsroot proposéiert allerdengs eng Upassung vum Text bei enger Bestemmung vum projet de loi N° 6807, dei déi zoustänneg Chamberskommissioun an hirer Sitzung vum 4. Februar och esou ugeholl huet.

B..

Ech wëll ervirhiewen, dass bis zum Akraftrieden vum Gesetzesprojet n° 6807, sous réserve dass d'Chamber deen projet de loi dann adoptéiert, also dem 1. Abrëll 2016, een *"Demandeur de protection internationale"* am Prinzip an déi aktuell Populatiounsregester vun den Gemengen agedroen gëtt.

Wat Walrecht ugeet, do sief erwähnt dass den Artikel 2-5° vum oofgeännerten Walgesetz vum 18. Februar 2003 eng Residenzzait zu Lëtzebuerg vun 5 Joer virgesäit, fir dass Auslänner un de Gemengewalen deelhuelen kënnen. Während dëser Zäit mussen déi Läit déi néideg Dokumenter hunn, déi beleeën dass hiren Openthalt zu Lëtzebuerg legal ass. Dat heescht, een *"demandeur de protection internationale"*, deen dei gesetzlech Bestemmungen erfëllt, kann sech no 5 Joer Residenz zu Lëtzebuerg op d'Wielerlëschten fir Gemengewalen aschreiwen, falls him den Statut vum Réfugié unerkannt gouf.

Fir Determinatioun vun der Populatioun ginn an de Gemengen all d'Läit berücksichtegt, déi souwuel am *"registre principal"* ewéi och am *" registre d' attente"* stinn